



Réckbléck 2017

De Joëresrapport vun de Belairer Guiden a Scouten - Januar 2018



Léif Guiden a Scouten,
Léif Elteren, Léif Frënn,
Léif Ancienen,

De Belairer Grupp Jang de Blanne kuckt zefridden zeréck op e spannend Joer 2017 a freet sech op 2018. Den **Highlight 2017** war sécher de **GoUrban Camp** am Summer um Kierchbiërg, un deem de ganze Grupp, jonk a manner jonk, deelgeholl huet. Bei dësem Camp huet de Belair net nëmmen als Participant gegläntzt, mä huet sech och aktiv an d'Organisatioun mat agebonnen a wichteg Aufgaben an der Animatioun iwwerholl.

Nieft dem Camp huet de Grupp natierlech och seng **traditionell Aktivitéiten** organiséiert. Egal ob fir Montéesweekend, Vizfest, Ouschterwäin, Fakelzuch oder Summerfest, de Grupp kënt ëmmer erëm gären zesummen a beliebt **d'Liewen am Quartier**.

Well de leschte Gruppecamp schonn en puer Joer hannert eis läit, huet de Grupp decidéiert, dëst Joer erëm eng Kéier e **Gruppecamp** z'organisieren. Dëse Camp wäert vum **18.-28. Juli zu Veldenz** stattfannen. Vu dat e Scoutsgrupp net nëmmen aus sengen aktive Memberen besteet, mä och aus den Ancienen, **freeë mir eis iwwert all Ënnerstëtzung bei der Ëmsetzung vun dësem Camp** a géifen eis freeën, e puer bekannte Gesichter e puer Deeg do ze begrëissen. Wann Dir interesséiert sidd un dëser Aktivitéit deelzehuelen, da mell Dir beim Grupp (grupp@belair.lgs.lu). Weider Detailer kommen no.

Wat genee déi verschidde Branchen dëst Joer organiséiert hunn, fannt Dir op den nächste Säiten. Mir wënschen Iech **vill Spaass** bei der Lecture vun eisem Réckbléck an hoffen, Iech bei där enger oder anerer Aktivitéit kënnen ze begrëissen.

An deem Sënn, Merci fir Äert Engagement an Är Ënnerstëtzung!

Lénks Patt,
Fir d'Chefequipe,
Nicolas Back, Jang Fischbach, Sophie Hamelle

RACLETTE

À VOLONTÉ

Samsdes, de 03.02.2018
am Centre St. Jean

Präis 18€ (10€ fir Kanner)

Raclette Ab 12.00

Assemblée Générale
Frënn LGS Belair
14.30 - 15.30



Wa méiglech bis den 31.01.2018 umelle fir d'Raclette.
691447554 fbenoy@me.com (François Benoy)

AKTIVITEITS- RAPPORTËN

WËLLEFCHER

Dëst Joer waren d'Wëllef nëmmen e ganz kleng Ruddle mat knapps 10 Wëllefcher. An awer war et e ganz flott Joer ginn, mat ville flotten Ereliefnisser.

Ugefaangen huet eist Joer mat enger grousser 22-Joer-Feier, well elo gi schonn seit 22 Joer gemeinsam Aktivitéiten enert de Stadter Gruppen organiséiert. Dëss Feier hat eise Wëllef immens gutt gefall.



Spéider am Joer ware mir fir e Weekend op Huelmes. Do krute mir Besuch vum Aladdin a Jasmin! Leider gouf d'Jasmin entfouert an eise Wëllef hunn dem Aladdin missen hëllef säi Jasmin erëm ze fannen...

Si hu sech gutt druginn an d'Jasmin gouf erëmfonnt! Ofgeschloss hu mer mat leckerem Gegrills bei engem Feier.



Am Laf vum Joer hu mir mat eise Wëllef dann nach d'Mowglis-Geschicht kennegeléiert an un Hand vun deeër all déi wichteg Wäerter, déi e gudd Scout soll hunn. E puer Sortien hu mir och gemaach. Am Wanter ware mir op

d'Schlittschongpist, am Fréijoer op de Wëllefchersrallye an am Summer ware mir an d'Schwämm!



Als Ofschloss vun deem flotte Joer ware mir um GoUrban, dem internationale Scoutscamp hei zu Lëtzebuerg, wou mir an Tippien, trotz heiansdo schlechtem Wieder, eng Woch laang um Wolléfsbiërg gelieft hunn.



Hei hunn eise Wëllef vill nei Leit kenne geléiert a sinn och vill iwwert d'Scoutsliewe gewuer ginn, andeems se vill verschidde flott Aktivitéite maache konnten.



AVEX

(Aventuren an Explorer)

Dëst Scoutsjoer kruten d'AvEx vum Belair am éischten Trimester nom Montéesweekend kräfteg Nowuess, souwuel bei der Unzuel vun de Kanner ewéi och bei der Unzuel vun de Cheffen. Mat enger neier a méi grousser Equipe hate mir elo erëm ganz nei Méiglechkeete fir flott Aktivitéiten ze maachen.

Soumat hate mer dëst Joer am zweeten Trimester erëm e Wanterweekend zu Wolz an der aler Millen, mat Tréppeltour a

selwergemaachten Hamburger mat Zalot als Oweziessen fir nees Energie ze tanken. Zu all kaler an donkeler Wanternuecht gehéiert natierlech och en Nuetspill bei deem d'AvEx hir Fäegkeeten am Schläiche géint d'Cheféquipe hu misse beweisen. Si hu sech och mat Succès géint d'Cheféquipe behaapt.



Am Laf vum drëtten Trimester kruten eise AvEx alles bäibruecht wat een als jonken Explorer ze kennen huet: Kniet maache, Feier maache, Konstruktione bauen a souguer Holz hae stoung eemol während der Versammlung um Programm.



Soubal d'Summervakanz dunn ugefaangen huet, ass et op den Camp gaangen; dës Kéier op e groussen internationale Camp um Kierchbiërg, wou de Verband vun de Lëtzebuërger Guiden a Scouten eng ganz Scoutsstad opgebaut hat. Iwwer 10 Deeg konnten eise 14 AvEx sech hir Jobs ënnert verschiddene Labelen eraussichen, wéi z.B. GoCreativ, GoNature, GoSocial oder GoAdventure.

Fir all Kand war eppes dobäi a mat nëmmen zwee Cheffen um Start hat och eise Cheffenequipe méi wéi genuch ze dinn fir d'AvEx beim Kachen oder aneren alldeegleche Chargen ze encadréieren.

Soumat ass d'Scoutsjoer 2016/2017 op en Enn gaangen. Am September ass et dunn erëm lassgaangen an zwar direkt mam Hierschtfest, wou d'AvEx zesumme mat de Carapio Viz gemaach hunn.



D'Cheffenequipe huet sech dëst Joer vum laangjäerege Chef Sunny Kimari misse verabschiden, vu dass hien elo op London studéiere gaangen ass, mä gläichzäiteg ass de Julien Kinsch elo erëm disponibel, well säi Studium elo eriwwer ass.

Zu gudder Lescht krute mer mam Lucie a mam Morgan aus de Carapio och zwee jonk a motivéiert nei Cheffen dobäi. Mat enger neier Rekordgréisst vu sechs Cheffe freeë mir eis soumat op e flott Joer voller Spill a Spaass.

D'CARAPIO

(Caravellen a Pionéier)

Dëst Joer hu mir mat enger ganz neier Ekip an de CaraPio duerchgestart. Op de villen Aktivitéiten déi sech duerch d'ganz Joer gezunn hun, hu mir eis all besser kennegeléiert.



Nierft denen traditionellen Aktivitéite vum Grupp, wou d'CaraPio e grousst Engagement gewisen hun, konnten sie och als Team u Projete schaffen, déi si sech erausgesicht hun.



Esou hun si sech zum Beispill als Zil gesat, de Recycling an eisem Home ze verbesseren andeems si eng Trennstatioun mat verschiddene Poubelle geschränert hun. Si hunn awer och hier ganz Kreativitéit agesat fir e Sweatshirt mat engem eegene Logo fir eise Grupp ze entwerfen.



De gréissten Highlight war fir all CaraPio dëst Joer secher de grouse GoUrban Summercamp.

Op dësem Camp konnten si Scouten aus anere Länner kenneléieren an nei Frëndschafte schléissen.



Si konnten hieren Dagesoflaf matbestëmmen andeems si tëschent sëllechen Aktivitéiten a ville verschiddene Beräicher wile konnten. Mä och d'Campliewen am Grupp ass net ze kuerz komm. Zesummen hun d'CaraPio decidéiert, wat wéini giess géif ginn an hun sech dunn d'Akafen an d'Kachen opgedeelt. Esou konnte si vill nei Rezepten ausprobéieren an hu ganz nom Motto «learning by doing» hir Kachkenntnisser erweidert. Emsou méi motivéiert woren se dunn, fir um Monteesweek-end ze hëllefen, fir de ganze Grupp ze kachen.



Eng Rei vun de CaraPio hun och am Laf vum Joer ugefangen eng Responsabilitéit als Chef ze iwwerhuelen. Mir si frou dass si esou e grousst Engagement an eisem Grupp weisen a freeën eis drop, e weidert flott Scoutsjoer zesummen ze verbréngen !

AUSBLÉCK 2018

03.02.2018	12.00 - 14.00 Raclette 14.30 - 15.30 AG Frënn vun de Belairer LGS
31.03.2018	Ouschterwäin (no der Ouschtermass)
12.05.2018	ING Marathon
22.06.2018	Fakelzuch
07.07.2018	Summerfest
18.07.2018- 28.07.2018	Gruppecamp Schloss Veldenz
Oktober 2018	Vizfest
01.12.2018	Verkaf vun Adventskränz

DON

Duerch Är generéis
Ennerstëtzung kann de Grupp
vill flott Aktivitéiten ubidden.
Mir freeën eis iwwert all
Don:

LU44 1111 1367 8515 0000

vun den « **Frënn vun den
LGS Belair** »

Eis aktuell Chefekipp

Gruppechefekipp

Nicolas Back
Jang Fischbach
Sophie Hamelle

CaraPio

Nicolas Back
Jang Fischbach
Sophie Hamelle
Lisi Seimetz

Avex

Morgan Bellot
Charel Even
Julien Kinsch
Lucie Peree
Tom Reding
Noé Weyland

Trésorier

Charel Benoy

Wëllefcher

Marie Castel
Flo Centurione
Mick Deibener
Oliver Droste
Emmanuel Goerens
Pierre Kinsch
Claire Krack
Marie Lippert

Frënn vum Grupp

François Benoy
(président et secrétaire)
Jacques Margue
(trésorier)
Jean-Marie Bodé
Isabelle Castel
Charel Fischbach
André Gross
Françoise Lucius-Faber
Paul Nilles
Kyra Tumba-Fischbach

Lëtzebuurger Guiden a Scouten

Grupp Jang de Blannen Belair

Centre sociétaire St. Jean, 110, avenue Gaston Diderich, L-1420 Lëtzebuerg

grupp@belair.lgs.lu - <http://belair.lgs.lu>